

Lëtzebuerg, de 16. Dezember 2020

Pls 7666 & 7667

3

MOTIOUN


D'Chamber vun den Deputéierten

stellt fest :

- datt eng Finanztransaktionssteuer der Finanzplaz Lëtzebuerg schuede géif an net effizient wär, wann dës net gläichzäiteg europa- a weltwäit op alle wichtege Finanzplazen agefouert géif ginn;
- datt esou eng Finanztransaktionssteuer, wa si eleng zu Lëtzebuerg agefouert gëtt, d'Gefor vun der Delokalisierung vu finanziellen Transaktionen op aner Finanzzentren, déi keng esou eng Steuer applizéieren, mat sech brénge géif;
- datt et wichtig wier, sollt esou eng Steuer wierklech agefouert ginn, datt op d'mannst all Länner aus der OECD dat misste gläichzäiteg maachen, fir keng konkurrenzuell Distortionen ze kréien;

fuerdert d'Regierung op :

- keng Schrëtt ze ënnerhuelen, fir zu Lëtzebuerg eng Finanztransaktionssteuer anzeféieren, wann dës net gläichzäiteg weltwäit op alle wichtege Finanzplazen agefouert gëtt, op d'mannst awer an alle Memberstaate vun der OECD.


Fernand Kartheiser